N°2293
Entrée le 08.05.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 08.05.2025
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
Président de la Chambre des Députés

Lëtzebuerg, den 8. Mee 2025

Här Präsident,

Esou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës dréngend parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister an Här Aarbechtsminister weiderzeleeden.

Nodeem een iwwer Presse gewuer gouf dass de potentielle Keefer vum Diddelenger Wierk „Liberty Steel“ sech zeréckgezunn huet, kritt di jorelaang Ongewëssheet vun den 130 Mataarbechter vum fréieren Arcelor/Mittal Betrib keen Enn. Mat dëser dramatescher Situatioun riskéiert den Industriestanduert am Süde vum Land an allgemeng zu Lëtzebuerg weider geschwächt ze ginn.

Mir géifen dofir gär vun deenen zoustännege Ministere wëssen, wéi si wëllen op dës schlecht Nouvelle reagéieren a wéilte gäre follgend Froe stellen:

- Wat sinn d’Grënn vum Retrait vum potentielle Keefer ?
- Wat sin no dëser Annonce an an der aktueller Prozedur déi nächst virgesinne Schrëtt vum Curateur an der Regierung?
- Wat gedenkt d’Regierung ze ënnerhuelen, fir dee Betrib, deen virun, dem vun der EU-Kommissioun veruerdnete Verkaf profitabel war, dach nach ze retten?
- Wat geschitt mam Diddelenger Wierk a mat de concernéierte Mataarbechter wann definitiv keng Reprise stattfanne kann?
- Wéi gedenkt d‘Regierung ze verhënneren, datt traditionell Industriestanduerter weider geschwächt ginn?
- Wär eng weider Schléissung net am flagrante Widdersproch zu de Pläng vun der EU fir hier Industrie erëm ze stäerken?

Mat déiwem Respekt,

Dan Biancalana
Deputéiert

Mars di Bartolomeo
Deputéiert


Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg
Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu
lsap.lu